

## Rapport Referees' Commission - 29.11.2022

Present : Geib, Keiffer, Kröpelin, Simonelli, Volz, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieden, Frieseisen, Nesser, Weber

1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 18.10.22**

2) **Indemnitét Arbitrage :**

*Den CA huet d'Resultat vum Referendum betreffend d'Indemnitéiten ugeholl an déi nei Tariffer zielen elo ab dem 1. Januar 2023. Déi nei Indemnitét d'Arbitrage an d'Rees-käschte ginn Enn des Joers op de Site gesat..*

3) **Arbitteraustausch :**

*Mam éisträichesche Verband ass de Kontakt gemaach. De Patrick Simonelli huet zwee Datumer virgeschloen an zwar den 18.03.2023 an de 25.03.2023. Wie vun eisen Arbitter an Éisträich d'FLH vertrëtt gëtt nach gekuckt.*

4) **Cycle supérieur – A Schäin :**

*Am Titel Playoff ginn ab Januar Matcher fir Kandidate festgeluecht fir hir Examensmatcher.*

5) **Cycle inférieur – C Schäin :**

*Matcher ginn um Enn vun der Saison festgeluecht fir déi respektiv Examen. E weidere Cours fir den C-Schäin ass fir Enn vun der Saison 22/23 programméiert.*

6) **Kontroll Halen :**

- Hall Sportif Attert :

*D'Hal zu Attert ass kontrolléiert an homologéiert ginn.*

- Hall Rodange :

*De Mëttelkrees an der Hall zu Rodange ass och an der Rei.*

7) **Obligatoresch Tester**

- Physesch Tester den 14.01.2023 um 09.30 Auer um INS.

○ Minimum fir AXA League Männer Titel ze päffen : 8,1

○ Minimum fir AXA League Fraen Titel + AXA League Männer Relegatioun ze paiffen: 7,5

*Déi Arbitter déi de 14. Januar verhënnert sinn, kënnen hiere Laftest selwer filmen an d'Videoe mat Toun bis de 16.01.2023 un [arbitre@flh.lu](mailto:arbitre@flh.lu) schécken.*

- Reegeltest de 14.01.2023 um 10.30 Auer um INS. Hei mussen 80% erreecht ginn.

*Déi Arbitter déi de 14. Januar verhënnert sinn, kënnen den online Reegeltest ufroen, an de bis de 16.01.2023 un [arbitre@flh.lu](mailto:arbitre@flh.lu) zréck schécken.*

8) **International Turnéier :**

*Wann Arbittere wëllen un engem Turnéier am Ausland deelhuelen, sollen si sech bei der Refcom mëlle. Esou kréien och déi aner Kollegen d'Informatioun, an d'RefCom kann d'Konditioune festleien. Keen Arbitter däerf am Numm vun der FLH am Ausland paiffen, ouni dass dat mat der RefCom koordinéiert ass.*

*Fir den Turnéier vum 9. bis de 15. Juli 2023 an Italien schéckt d'Refcom Arbitteren.*



- 9) **Stage Saison 2023/2024 :**  
*De Stage ass nees zu Mondorf virgesinn an zwar vum 25. – 27. August 2023.  
Reegel- a Lafstest si virgesi fir den Weekend vum 7. – 9. Juli 2023 an de 25. August  
2023 um 19.00 Auer.*
- 10) **Cours SBO/Chrono**  
*D'RefCom organiséiert nach ee Cours fir SBO/Chrono de **Freiden, 20. Januar 2023**  
um **18h30** an der Maison des Sports zu Stroossen (3, route d'Arlon L-8009 STRAS-  
SEN) am **Sall 1***

**Nächst RefCom Dënschdes den 10. Januar 2023 um 18.30 Auer zu Stroossen.**